

## Evangelium vum 23. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

### Lk 14,25-33

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- 25 Eng Onmass Leit si mat dem Jesus matgaang.  
Dunn huet hien sech ëmgedréit a sot zu hinnen:
- 26 "Wann ee bei mech kënnt,  
awer net Papp a Mamm,  
Fra a Kanner, Bridder a Schwësteren  
an esouguer säin eegent Liewen haasst,  
da kann hien net mäi Jünger sinn.
- 27 Wien net säi Kräiz dréit a mir nokënnt,  
dee kann net mäi Jünger sinn.
- 28 Wie vun iech, dee wëlles huet, en Tuerm ze bauen,  
sëtz sech net fir d'éischt dohinner,  
rechent d'Onkäschten aus  
a kuckt, ob hien och genuch huet, fir bis un d'Enn ze kommen?
- 29 Net datt hien, wann hien d'Fëllement geluecht huet,  
net amstand ass, den Tuerm fäerdegzekeréien,  
an datt all déi, déi et gesinn,  
ufänken, de Spott mat him ze dreuwen,
- 30 a soen: 'Deen doten huet ugefaang, en Tuerm ze bauen,  
an hien ass net amstand, e fäerdegzekeréien!'
- 31 Oder wat fir e Kinnek geet an de Krich géint en anere Kinnek,  
ouni sech fir d'éischt dohinzesetzen  
an sech mat senge Leit ze beroden,  
ob hie mat 10.000 Mann deem aneren entgéinttriede kann,  
dee mat hirer 20.000 op hien duerkënnt?
- 32 Wann hien dat net kann,  
da schéckt hien eng Delegatioun bei deem aneren,  
soulaang deem nach wäit ewech ass,  
an hie freet ëm Fridden.

33 Duerfir: Wie vun iech sech net vun all senge Gidder lass seet,  
dee kann net mäi Jünger sinn."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*